

Lëtzebuerg, den 10 août 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës **drénglech** parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden :

*„Sou wéi et ausgesäit wäert de Rhäin e Freideg bei Koblenz net méi fir d'Schëffer ze passéiere sinn. Dat wäert och Konsequenze fir Lëtzebuerg hunn, speziell och fir d'Beliwwerung am Mäerterter Hafen.*

*Aus deem Grond wollt ech dem Här Wirtschaftsminister an der Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi ass de Waasserpegel vun der Musel an de leschte Méint evoluéiert ?*
- *Bis wéini riskéiere keng Schëffer méi op der Musel fueren ze kënnen ?*
- *Riskéieren d'Transportproblemer um Rhäin dozou ze féieren, datt mir Enkpäss oder souguer e Stop bei der Liwwerung vu Petrolsprodukter oder anere Wueren ze kréien ?*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu